PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/12/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft, Justiz & Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Am Artikel 15 vum Gesetz vum 27. Juni 2018 iwwert den Déiereschutz ginn Dispositioune getraff ënnert wéi enge Konditioune verschidde Kategorie vu Beamten als « officier de police judiciaire » kënnen constatéieren a recherchéieren.

Am Punkt 3 vun dësem Artikel gëtt ënnert anerem gereegelt datt dës Beamten eng Formatioun mussen absolvéiert hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Beamten, opgeschlësselt no de Kategorien aus dem Déiereschutzgesetz, hunn zanter dem Akraafttrieden vum Gesetz dës Formatioun ofgeschloss?
2. Wéi vill vun dëse Beamte goufe well no den Dispositioune vum Gesetz vereedegt?
3. Goufen et Beamten aus de cibléierte Kategorien, déi well virun dësem Gesetz de Status vum OPJ haten?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député